



Strategie 2024-2028

Média de service public 100,7



Kontext

De radio 100,7 ass zanter 30 Joer e Referenz-Media zu Lëtzebuerg, deen am allgemengen Interessi vun engem öffentlich-rechtlichen Etablissement public bedriwwen gëtt. An den éischte Jore stoung virun allem d'Kultur am Fokus vum senger Offer. Haut ass den 100,7 e Generalisteradio, deem säi Fokus op Noriichten, Informatioun, Kultur an Ënnerhaltung läit.

Am Summer 2022 krut den Etablissement public en neie gesetzleche Kader. Den Numm gouf vun "Etablissement de radiodiffusion socioculturelle" (ERSL) op "Média de service public 100,7" (MSP) geännert. Zudësemneien Numm gehéiert eng nei Gouvernance an eng nei definéiert Missioun.

De Média de service public 100,7 huet als gesetzlechen Opdrag "d'assurer le service public de radiodiffusion du Grand-Duché de Luxembourg". D'Häerzstück vun deem Opdrag ass "concevoir et diffuser un service de radio-diffusion généraliste d'information, de culture et de divertissement, diffusé vingt-quatre heures sur vingt-quatre, sept jours sur sept".

Bei dësem Kärotrag kënn dobäi, nei Servicer ze developpéieren, fir mat der Hëllef vun den digitale Méiglechkeeten d'Offer vum radio 100,7 ze verlängeren, ze beräicheren an ze kompletéieren. D'Gesetz reflektéiert esou d'Entwécklung vum MSP, deen zwee linear Radioprogrammer ubitt - radio 100,7 an de Klassiksender opus 100,7 -, zwou Websäiten an eng mobil App, an donieft mat Toun, Text a Bild op den digitale Plattformen present ass.

Mam Gesetz vum 15. August 2023 huet d'Chamber der Regierung eestëmmeg d'Zoustëmmung ginn, de Média de service public 100,7 an der Period vum Ufank 2024 bis Enn 2030 weider mat enger järelecher Dotatioun ze finanzéieren. Den Detail vum Finanzement an den Obligatiounen vum MSP sinn an der pluriannueller Conventioun festgehalen, déi den Etablissement public den 31. Mäerz 2023 mat der Regierung ënnerschriwwen hat.

An deem Kontext hält dëst Dokument d'Strategie vum Média de service public 100,7 fir déi nächst fënnef Joer fest. Dës Strategie gouf de 6. Februar 2024 vum Verwaltungsrot vum Média de service public 100,7 ugeholl.

Wäerter

De Média de service public 100,7 erfëllt säin Opdrag am allgemengen Interessi. E gëtt vun der öffentlecher Hand finanzéiert an huet e klaren Opdrag, deen en an aller politescher, ideologescher an ekonomescher Onofhängegkeet ze erfëllen huet.

Bei alle Constrainten a Verännerungen, bei alle klengen a groussen Decisiounen am Alldag, huet de Fonctionnement vum 100,7 e klare Kader, dee sech a senge Wäerter ausdréckt.

D'Wäerter vum Média de service public 100,7 sinn:

Onofhängegkeet	<i>Mir schwätzen oppen a setzen eis fir fräie Journalismus an.</i>
Vertrauen	<i>Mir gewannen d'Veutraue vun eisen Nolauschterer duerch kloer an éierlech Informatiounen.</i>
Dialog	<i>Mir sichen aktiv de Kontakt an den Echange mat de Mënschen an am Haus schaffe mir oppen a konstruktiv zesummen.</i>
Courage	<i>Mir trauen eis, nei Weeër ze goen an onbequem Froen ze stellen.</i>
Orientéierung	<i>Mir uerdnen an an hëllef, Saachen ze verstoen.</i>

Missioun

Am Kader vu sengem gesetzlechen Optrag an den Engagemententer, déi en an der pluriannueller Konventioun 2024-2030 geholl huet, definéiert de Média de service public 100,7 seng Missioun als Informationsmedia esou:

Mir begleede Lëtzebuerg duerch den Dag.

Mir informéieren an inspiréieren.

De Radio am Déngscht vun der Allgemengheet.

Den MSP ass mat senge Radioprogrammer zu all Zäit fir seng Nolauschterer do, vu moies bis owes, an der Woch wéi de Weekend.

D'Offer vum MSP viséiert d'Nolauschterer souwuel ze informéieren, wéi ze ënnerhalen, hinnen d'Elementer unzebidden, fir um demokrateschen Debat an der Gesellschaft deelhuefen ze kënnen, mee och fir hinnen Neies ze entdecke ginn, si als Bierger an als Individuen ze stimuléieren an ze inspiréieren.

Den MSP ass kee Selbstzweck. E steet am Déngscht vun der Allgemengheet, déi säi Finanzement séchert. E vertritt keng Particularinteressen, mee stellt sech an aller Onofhängegkeet an den Déngscht vun enger oppener an demokratescher Gesellschaft.

Visioun

Den MSP huet och no 30 Joer nach ëmmer den Usproch sech weiderzeentwéckelen: Fir sengem Optrag gerecht ze ginn, fir de Verännerungen an der Gesellschaft Rechnung ze droen a fir sengem Usproch vun Exzellenz esou no wéi méiglech ze kommen.

Bei dëser Entwécklung gëtt den MSP vun dëser Visioun guidéiert:

***Mir beweegen, begeeschten
a prägen Lëtzebuerg, Dag fir Dag.***

E Service public Media gëtt net eleng un deem gemooss, wat e produzéiert, mee virun allem un deem, wat beim Zilpublikum ukënnt. Dofir leet den 100,7 de Fokus vu senger Visioun op d'Receptioun an den Impakt vu senger Aarbecht.

E Radioprogramm fir de breede Publikum huet méi wéi eng Funktioun: En informéiert (Noriichten a Service), en ënnerhält, e léisst nei Musek entdecken a bréngt aler un nei Nolauschterer, en inspiréiert an ass e frëndschafleche Begleeder duerch den Dag.

Fir all Funktioun vun engem Radio, sief et am lineare Programm, a Form vun On-Demand-Podcasten oder op der Websäit, bedeiten d'Wierder "beweegen", "begeeschteren" a "prägen" eppes anescht. Mee bei all Funktioun ass dem MSP säin Usproch, iwwer déi nächst Joren den Impakt vu senger Aarbecht ze stäerken, souwuel wat d'Gréisst vum Public ugeet, wéi wat d'Relatioun vu senger Radioprogrammer mam Public ugeet, wéi wat dem MSP seng Roll bei der Stäerkung vun enger demokratescher Gesellschaft zu Lëtzebuerg ugeet.

Strategesch Prioritéiten 2024-2028

Fir seng Missioun ze erfëllen a senger Visioun méi nozekommen, huet de Média de service public 100,7 sech fir déi fënnef Joer vun 2024 bis 2028 véier strategesch Prioritéite fixéiert, déi am Zentrum vun der Entwécklung vum Haus a sengen Inhalter stoe wäerten.

- ***Dem digitale Wandel virgräifen***
- ***Méi Nolauschterer erreechen***
- ***D'Offer verbreedden***
- ***Der Diversitéit gerecht ginn***

Dem digitale Wandel virgräifen

- Déi digital Technologië kann een am Joer 2024 net méi “nei” nennen. An awer ass ee beim Impakt vun Internetverbindungen a Websäiten, vu Smartphonen an Appen, vun digitale Produktiouns- an Diffusionsméiglechkeeten a vu villem aneren op souwuel d’Behuele vun den Nolauschterer wéi d’Aarbecht vum MSP nach laang net um Enn ukomm.
- D’Digitaliséierung huet vill Upassungen a Verännerunge verlaangt, mee och nei Opportunitéite gebueden. Mee d’Vitess vun dëse Verännerungen huet mat sech bruecht, datt een ze dacks d’Gefill hat, den Entwécklungen hannendrun ze lafen.
- D’Zil vum MSP ass et, d’Méiglechkeeten, déi nei digital Léisunge bidden, aktiv opzegräifen an ze notzen, an d’Evolutiounen beim Behuele vu sengen Nolauschterer mat senger Offer aktiv ze begleeden. Dobäi gëllt et, den Ënnerscheed ze maachen, tëscht kuerzfristeger Moud a struktureller Verännerung, ouni sech dreiwien ze loossen, mee och ouni falsch Angscht.

Méi Nolauschterer erreechen

- Ob e Service public säin Optrag erfëllt, moosst sech am Endeffekt dorunner, ob seng Offer beim Publikum och ukënnt. Et muss deemno e permanent Bestriewe vum MSP sinn, méi Nolauschterer ze erreechen. Dozou gehéiert, seng Offer am Respekt vun den internationalen handwierkleche Standarden ze produzéieren.
- An enger digitaler Mediewelt beschränkt sech de Publikum vun engem Radio net op d’Nolauschterer vu sengem lineare Programm. Den MSP diffuséiert am Joer 2024 zwee Radioprogrammer (radio 100,7 an opus 100,7), publizéiert Artikelen a Biller a produzéiert original Podcasten, déi an éischer Linn fir en “on-demand”-Lauschteren ugeluecht sinn. E bedreift eng mobil Applicatioun an zwou Websäiten, bitt déi meescht vu sengen Audioinhalte och “on demand” un (iwwer säin Internetsite an iwwer Drëttplattformen), ass op Social Media Plattformen present a kommunizéiert iwwer Newslettere mat sengen Nolauschterer. All dës Weeër bidden d’Méiglechkeet, méi Nolauschterer ze erreechen a méi enk Relatiounen mat hinnen ze entwéckelen.

D'Offer verbreedden

- Den MSP hat bei senger Grënnung den Optrag, een FM-Radioprogramm unzebidden. Déi technesch Entwécklung vum de leschten 30 Joer hunn et dem 100,7 erlaabt, dës Offer staark auszebauen.
- Déi digital Kanäl ginn dem MSP nei Méiglechkeeten, wéi bestëmmten Nischen, virun allem Nischen, déi vu kommerzielle Medie manner ugeschwat ginn, mat spezifeschem Inhalter ze bedéngen.
- Och inhaltlech ass et méiglech, Theemen a Formater, déi reng linear nëmme schwéier ee gréissere Publikum erreeche kënnen, eng méi grouss Expositioun op eng méi laang Dauer ze ginn.

Der Diversitéit gerecht ginn

- Sengem gesetzlechen Optrag no, soll den MSP sech un d'Gesamtbevölkerung vu Lëtzebuerg adresséieren. Wéi a kaum engem anere Land stellt dat de Service public virun den Defi vun der grousser Diversitéit vun dëser Populatioun, ugefaange beim Sproochgebrauch, mee och doriwwer eraus.
- Am Kader vun de Mëttelen, déi him zur Verfügung stinn, wëllt den MSP de verschiddenen Aspekter vun Diversitéit mat senger Offer esou gutt wéi méiglech gerecht ginn.
- D'Fro vun der Diversitéit stellt sech och an der Organisatioun vum MSP selwer. Och hei wëllt den MSP sech aktiv beméien, déi Allgemengheet, an därem Déngscht e steet, och intern an hirer Diversitéit esou gutt wéi méiglech ze reflektéieren.

Strategie-Prozess

D'Strategie vum MSP ass laangfristeg ugeluecht, mat Prioritéiten, déi fir en Zäitraum vu fënnef Joer festgehale sinn. Déi konkret Mesurë fir dës Ziler ze erreechen ginn dogéint mindestens eemol am Joer nei definéiert a reegelméisseg iwwerpréift.

Beim definéiere vun de konkrete Mesurë fir d'Strategie ëmzesetzen, ginn d'Mataarbechter vum MSP enk mat agebonnen. D'Aktiounen kënnen fir d'ganz Haus festgeluecht ginn, fir en Departement oder och um Niveau vun engem eenzele Service.

Zur Definitioun vun enger Mesure am Kader vun dëser Strategie gehéiert en Zil, prezis definéiert Aktiounen an Indikateuren, un deenen d'Erfëlle vun den Aktiounen an d'Erreeche vun den Ziler gemooss ka ginn. Dozou gehéieren och eng kloer Verdeelung vun de Responsabilitéite fir d'Ëmsetzen an e Kalenner, wéini wat ëmgesat soll sinn.

De Strategie-Prozess leeft an engem Zyklus, dee bei der Definitioun vun den Aktiounen, Indicateuren a Responsabelen ufänkt, e reegelméisseg iwwerpréiwe vum Erreeche vun den Ziler aplant an en Zäitraum fir d'Erreeche vun den Ziler virgesäit.

Wa keen anere Rhythmus oder Zäitpunkt festgeluecht gouf, leeft dësen Zyklus iwwer 12 Méint, entweder vu Januar bis Dezember oder vun enger Rentrée bei déi nächst.



Média de service public 100,7